ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

Am Artikel "Ce gigantesque commerce illégal qui menace la réduction des gaz à effet de serre en Europe", deen den 9. Abrëll op "Sciences et avenir" publizéiert gouf, heescht et, datt den illegalen Handel mat FKW-Stoffer an der EU opgrond vun deenen héije Präisser, déi am Duerchschnëtt dat véier bis sechsfach vum Präis um Weltmarché bedroen, ëmmer méi staark zouhëlt.

Duerfir hunn ech folgend Nofro un d'Madamm Ëmweltminister:

1) Wéi eng Auswierkungen hunn dës FKW-Stoffer op eis Ëmwelt?
2) Gouf et an de leschte Joeren och Fäll vun Handel mat dëse Stoffer zu Lëtzebuerg?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten